



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8217 vum éierbaren Deputéierten André Bauler

1. Wéi huet sech d'Vegetationsperiod hei am Land am Verglach mat aneren europäesche Regiounen verännert?

Fir d'Vegetationsperiod ze charakteriséiere ginn et verschidden Definitiounen, awer keng déi fir Eestëmmegkeet ënnert de Fachleit steet. An der Vergaangenheet gouf zum Beispill bei europäeschen Dossieren d'Vegetationsperiod definéiert duerch d'Unzuel vun Deeg iwwert 5°C Dagesmëtteltemperatur iwwert d'ganzt Joer gekuckt. Eng agronomesch méi cibléiert Definioun ass deen Zäitraum, wou d'Dagesmëtteltemperatur während 6 konsekutiven Deeg iwwert 5 °C läit bis zu dem Zäitraum, wou während 6 Deeg d'Dagesmëtteltemperatur ënnert 5°C fält. Den Ënnerschied tëschent de Rechemethoden ass net grouss.

Geet een dann nach vun deene järeliche Schwankungen aus, kann ee festhalen, dass an deene leschten 12 Joer (2010-2022) d'Vegetationsperiod am Éislek tëschent dem 17. an 20. März ugefaangen huet an tëschent dem 8. an 13. November eriwwer war. Op der Musel, wou et méi waarm ass, huet se tëschent dem 5. an 21. Februar ugefaangen an tëschent dem 24. an 28. November opgehalen. Dat sinn 8 bis 9 Méint. Am Verglach mat Europa, läit Lëtzebuerg an där selwechter Klimazon wéi déi belsch Ardennen, de Grand Est a Frankräich, d'Eifel, d'Saarland an de Norde vun Däitschland. No Westen an no Süde vun Europa hin verlängeren sech d'Vegetationsperioden. A Portugal an a Spunien ass bal d'ganzt Joer wuesbaart Wieder. An Zentral- an Osteuropa sinn et 7 bis 8 Méint. A Skandinavien an an de Baltische Länner sinn et 5 bis 7 Méint.

Déi generell Temperaturerhéijung vun deene leschte Joerzénge hat een Afloss op d'Längt vun der Vegetationsperiod. Vergläicht een d'Perioden 1990-2022 an 1960-1989 unhand vun 2055 Wiederstatiounen aus dem *European Climate Assessment Dataset*, stellt ee fest, dass Nordeuropa an d'Biergregionen am stäerkste vun der Verlängerung betraff waren. An der Moyenne huet sech d'Vegetationsperiod an Europa em 3 bis 27 Deeg verlängert.

Zu Lëtzebuerg huet d'Vegetationsperiod am Éislek em 11 bis 15 Deeg an am Guttland em 16 bis 25 Deeg zougeholl. An der Moyenne mécht dat 16 bis 17 Deeg, verdeelt op 2/3 am Fréijoer an 1/3 am Hierscht. D'Guttland läit dobäi am selwechte Beräich wéi d'Beneluxländer, Nordfrankräich an dem gréissten Deel vun Däitschland. Norddäitschland an de Norde vun Holland hu méi ee staarken Impakt vun der Temperaturerhéijung ze verzechnen. Am Süde vun Europa huet d'Erhéijung vun der Temperatur ee manner groussen Afloss op d'Verlängerung vun der Vegetationsperiod gehat.

2. Wéi gesäit aus der Siicht vum Landwirtschaftsministère eng dem Klima ugepasste Landwirtschaft aus? Ginn et do scho konkret Perspektiven a Konzepter, déi eise Baueren ënnerbreet gi sinn oder ginn, fir hir Betriber op weider Erausfuerderunge virzebereeden?

De landwirtschaftleche Secteur muss, wéi all anere wirtschaftleche Secteur, flexibel bleiwen, wann d'Rahmbedingunge changéieren. Adaptatiounen an der traditioneller Véi- a Mëllechwirtschaft bedeite virun allem d'Fudderproduktioun iwwert d'Joer verdeelt ze diversifizéieren, fir souwuel mat laangen Drécheperiode wéi och mat laange Reeperioden eens ze ginn. An Drécheperiode kann dat z.B duerch méi Feldfudderubau oder duerch d'Asiléiere vu Kären a Form vu Ganzplanzesilage geschéien. Am Grénglandberäich huet sech an der Praxis erausgestallt, dass déi 2 éischt Grasschnëtter am Fréijoer d'Grundlag musse leen, fir souwuel vun der Qualitéit wéi vun der Quantitéit hier d'Fudderratioun vum Wanter ofzesécheren. Dat bedeit ënner anerem genuch landwirtschaftlech Flächen am eegene Betrib zur Verfügung ze hunn, well den Zoukaf vu Fuddermëttelen deier ass. Zousätzlech gëllt et den Zoustand vun de Wisen a Weede stänneg ze ënnerhale mat Noséine vu Grasorten, déi besser un d'Dréchent ugepasst sinn. D'Zorterversuchsfelder vun der Administration des services techniques de l'agriculture (ASTA) an deene verschiddene Regiounen vum Land leeën an deene leschte Joren ee verstärkten Akzent op d'Resistenz vun de Grieser an deenen anere Fudderplanzen op d'Dréchent an awer och op d'Regeneratioun vun den eenzelen Aarten an Zorten no der Dréchent.

Am Beräich vum Geméis- an Uebstbau spillt d'Bereetstellung vu genuch Waasser schonn an normale Joren eng entscheidend Roll. Fir d'Wuestumpotential vum lokalen Ubau kënnen anzeschätzen, leeft den Abléck eng grouss ugeluechte wëssenschaftlech Etüd op der Universitét Léck iwwert déi global Waasserréserven zu Lëtzebuerg.

3. A wéi engem Mooss wäert sech d'Vesuergung mat Fudder veränneren? Wäert do ënner anerem och verstärkt op Kléigrasorte gesat ginn, déi ganzjäreg wuessen a méi déif wuerzelen, sou datt se dréche Periode besser iwwerstinn?

Esou ewéi d'Klima an och d'Vegetationsperioden sech änneren, esou wäert och an d'Zukunft d'Fudderproduktioun sech änneren hei zu Lëtzebuerg. Et ass dovun auszugehen, datt op Grund vun der zouhuelender Summerdréchent d'Fudderproduktioun während de Summerméint zukünfteg ganz staark ageschränkt wäert sinn. Par contre kënnt et, notament well och d'Vegetationsperiode méi fréi ufänkt a méi spéit op hält, esou ewéi an der Äntwert op d'Fro 1 ervir gestrach, zu enger Verlagerung vun der Fudderproduktioun an d'Fréijoer an och an den Hierscht.

Am Zesammenhang mat de Bestriewunge vun enger méi héijer Eiweissautarkie, hunn des weideren d'Veibetriber an deene leschte Jore scho verstärkt op d'Verbesserung vum Gréngland mat Kléigrasmëschung gesat. Dat selwecht ass de Fall beim Ubau vu Feldfudder, dat aus Mëschung vu Grieser mat Kléi oder Grieser mat Luzerne besteet. Dës Léguminosen hunn de Virdeel, dass se ab dem 2. Joer méi déif Wuerzele maachen an iwwert de Summer nach viru wuesse kënnen, wann d'Gras stoe bleift. Ugepassten, resilient an drécheresistent Grieser a Kléiarten an Zorte sinn effektiv een Element fir d'Fudderproduktioun hei zu Lëtzebuerg un de Klimawandel unzepassen. Duerfir ginn des Krittären an de Zorteversich vun der ASTA besonnesch gepréift. Allerdéngs stoussen an extrem dréchene Joren, wéi dat 2022 de Fall war, all Fudderkulturen un hier Grenzen.

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN